N° 8068
Entrée le 28.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Département des cultes

**Gemeinsam Äntwert vum Här Kultusminister a vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°8068 vum 5. Juni 2023 vum honorabelen Deputéierte Paul GALLES**

**Ad 1)**

Mir verweisen op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr.7969 vum 5. Juni 2023 vun den honorabelen Deputéierte Mars Di Bartolomeo an Dan Biancalana.

D'Regierung verurteelt all Aart vun Diskriminatioun an Opruff zum Haass, dorënner och den Antisemitismus. De nationale Plang géint den Antisemitismus (« Plan national de lutte contre l'antisémitisme » (PANAS)) ass eng Initiativ vun der Regierung a wäert dem Regierungsrot an den nächste Woche virgeluecht ginn.

De Plang ass iwwerdeems am europäesche Kontext ze gesinn, well d'Memberstaaten, op Initiativ vun der Kommissioun, sech engagéiert hunn fir national Pläng géint de Rassismus an den Antisemitismus virzeleeën. De Stéchdatum heifir gouf op den 31. Dezember 2023 verlängert.

D'Prioritéite vun der Strategie sinn d'Strofverfollegung, d'Sensibiliséierung, d'Präventioun vum Antisemitismus an d'Zesummenaarbecht mat der jüddescher Gemeinschaft.

Fir dës Zieler ze erreechen, soll de Plang eng Rei vun Aktiounen ëmfaassen, wéi d'Applikatioun vun engem renforcéierte legale Kader fir d'Police an d'Justiz, d'Sammelen an d'Analyse vun Donnéeën a Statistiken iwwer Antisemitismus zu Lëtzebuerg, an d'Opklärung vun de Jonken am Zesummenhang mat der Shoah.

**Ad 2)**

Mir verweisen op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr.4018 vum 29. Abrëll 2021 vum honorabelen Deputéierte Georges Mischo.

D'Menacë géint d'Kulten am Land gi permanent vun der Police evaluéiert.

Ee vun den Objektiver vum nationale Plang géint den Antisemitismus ass e weideren effikasse Schutz vun der Sécherheet vun de Synagogen zu Lëtzebuerg an zu Esch. De Plang gesäit e reegelméissegen Austausch tëschent de Vertrieder vun de Synagogen an de staatlechen Autoritéite vir. Dofir soll e Comité fir Sécherheetsfroe gegrënnt ginn an d'Synagoge sollen eng gemeinsam technesch Hëllef a finanziell Ënnerstëtzung vum Staat a vun de Gemenge,

virun allem wann d'Gemenge Proprietär vun de Gebailechkeete sinn,  kréien, fir hier Sécherheet an Integritéit ze garantéieren.

Lëtzebuerg, den 28.Juni 2023

De Kultusminister

(s.) Xavier BETTEL